PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 3691

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°3450 huet de Minister erkläert, dass d'Buffe fir d'Schüler bei der franséischer Firma Textiss bestallt goufen. 392'000 Buffe goufe bei Textiss bestallt, laut Ministère gouf bei der Bestellung *"nieft der Qualitéit an de Liwwerdelaien, och drop opgepasst, dass de Fournisseur sech nohalteg an ekologesch engagéiert."*
D'Buffe vum Ministère koumen aus China. D'Firma erkläert op hierer Website, dass si bei Produiten aus Polyester (d'Buffe vum Ministère bestinn aus 92% Polyster), géifen op Recycléiert Materialie setzen. Och de FSC Logo ass um Site ze fannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Bestinn d'Buffe vum Ministère aus recycléiertem Material?
   Wann jo, wéi vill Prozent recycléiert Material gouf benotzt?

2. Aner bekannt Logoe wéi z. B. Fairtrade sinn net um Site ze fannen.
   Goufen d'Buffe a fairen Aarbechts-Konditiounen hiergestallt?

3. Huet de Ministère virun der Bestellung, Informatiounen zum Thema Nohaltegkeet beim Produzent ugefrot?
   Falls jo, wat fir Äntwerten huet de Produzent ginn?

4. D'Regierung huet an hierem Koalitiounsaccord festgehaalen, dass bis 2025 sollen 20% vun der Landwirtschaft sech op d'Produktioun vun Bio-Produiten ëmstellen. 100% sollen et bis 2050 sinn. An de Schoulen soll et och méi Bio-Liewensmëttel fir d'Schüler ginn.
   Firwat gouf sech an dësem Fall entscheed, fir Buffen aus Polyester an Elastan ze kaafen, amplaz aus Bio-Materialien ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3691 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen

Ad 1)

D'Buffe goufe wéi an der Äntwert op d'parlementaresch Fro Nr. 3450 bei der franséischer Firma *Textiss* bestallt. Se bestinn aus 92 % Polyester an 8 % Elasthan. D'Bestellung huet missen en urgence an an enger grousser Envergure geholl ginn. Do war et wichteg, Stoffer ze huelen, déi ee gutt ka wäschen an déi elastesch bleiwen, wann een d'Buffen undeet.

Ad 2)

Jo, d'Fabrikatioun vun de Buffen ass ënner fairen Aarbechtskonditioune verlaf. Dëst huet een Audit confirméiert, deen d'Firma dem Educatiounsministère konnt virleeën.

Ad 3)

Jo, den Educatiounsministère hat déi Informatiounen nogefrot. De Fournisseur huet confirméiert, datt eng nohalteg Entwécklung a fair Aarbechtskonditioune souwuel an den Hierstellungsprozesser, wéi awer och bei der Logistik eng Prioritéit wier. Dëst beweisen och verschidden Zertifikatiounen, déi d'Firma *Textiss* ugëtt, wéi zum Beispill den FSC-Label oder den BSCI-Label. Den Fournisseur konnt och en Audit vun der Firma *Shantou Excellent Fashion Company* virleeën.

Ad 4)

Den Educatiounsministère huet d'Buffe fir d'Schüler vum Enseignement fondamental a vum Enseignement secondaire souwéi fir dat gesamt Schoul- a Betreiungspersonal zesumme mat der Cellule logistique vum Gesondheetsministère bestallt. Et ass zu deem Zäitpunkt en urgence gekuckt ginn, fir e Mond- an Nueseschutz an där Envergure ze fannen. An där Krisesituatioun hunn den Delai an d'Efficacitéit priméiert.